



Naturalistes Oweswanderung

Freides den 10. Mee 2019



Am Kader vun der neier Ausstellung „NUIT“ am Naturmusée organiséieren d'Frënn vum natur musée - Les Amis du Musée national d'histoire naturelle an d'Société des Naturalistes Luxembourgeois - SNL e flotten Tour ronderëm d'Thema **Dämmerungs- an nuetsaktiv Déieren an de Stärenhimmel.**

Programm

19.00 Auer: Départ op dem Parking vun der Schoul ze Huelmes (Rue de Tuntange, L-7435 Hollenfels). *Kuerz Fahrt mam Liniebus bis erof bei d'Veieren.*

Ënnerwee op de Wanderweeër duerch d'zukünfteg Réserve naturelle Mandelbaach-Reckenerwald (ca. 5 km) erwaarden eis e puer Naturalisten (Catherine Faber, Marc Moes, Roger Schauls), déi eis Spannendes iwver verschidden dämmerungs- an nuetsaktiv Déieren wéi Amphibien, Wëllkaz, Bëschkauz a Fliedermais präsentéieren.

Géint 22 Auer: Ofschloss mat Stäre kucken (Änder Mousset).

Duerno kann een den Tour gemittlech an der Pizzeria Revue passéiere loossen.

***Denkt w.e.g. drun eng Täscheluucht matzebréngen a fest Wanderschung unzedoen.
Fir de Busticket ass jiddereen selwer zoustänneg (am Bus bezuelen oder Kaart/Abo)!***

Fir Umeldung oder eventuell Froen: frenn@mnhn.lu, Tel. 462240-320 oder info@snl.lu.

Mat beschte Gréiss vun den Organisateuren vun den 2 Veräiner!

Simone Schneider

Geneviève Faber

Société des naturalistes luxembourgeois a.s.b.l.
B. P. 327 - L-2013 Luxembourg
www.snl.lu

Frënn vum natur musée - Les Amis du Musée
National d'Histoire Naturelle a.s.b.l. –
25, rue Münster - L – 2160 Luxembourg
www.amnln.lu